Reportagen - Lëtz Rise Up

Nogefrot: Firwat ass et iech wichteg ze demonstréieren?

© Eldoradio

Wéi aktuell ass Rassismus zu Lëtzebuerg, firwat muss een de Mond opmaachen a wat soll sech änneren? - Mir ware mam Mikro op der Manifestatioun.

De 25. Mee ass den Afroamerikaner George Floyd duerch e brutale Policeasaz ëm d'Liewe komm, de Video ass ronderëm d'Welt gaangen an huet weltwäit d'Thema Rassismus, dat nach ëmmer aktuell ass, opgegraff.

Och hei zu Lëtzebuerg gouf eng Manifestatioun organiséiert fir virun der "U.S. Embassy Luxembourg" géint Rassismus a Police Brutalitéit ze demonstréiere a sech solidaresch ze weisen. Op der Maniff vu Lëtz Rise Up waren iwwer 1000 Leit op der Plaz, och den Eldo war mam Mikro ënnerwee an huet bei de Leit nogefrot firwat si et als wichteg empfannen hir Stëmm ze erhiewen a wéi et aktuell hei zu Lëtzebuerg ausgesäit.